N°4651
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4441 geet d'Madamm Ministesch kuerz op de Fonctionnement vun der "Aquarius Aerial Firefghting sàrl" (AAF) an. Bei dëser Duechtergesellschaft vun der Cargolux, bei där de Staat bekanntlech Actionnaire ass, handelt et sech ëm eng Lëtzebuerger Entreprise, déi sech op d'Brandbekämpfung aus der Loft spezialiséiert. Hir Läschfligere ginn op Basis vun annuellen oder pluriannuelle Kontrakter mat de jeeweilege lokalen Autoritéiten agesat.

An deem Kontext géing ech der Regierung follgend Froe stellen:

- Gedenkt d'Regierung, en Accord mat der AAF auszehandelen, dee virgesäit datt am Fall vu Bëschbränn op Lëtzebuerger Territoire oder an Nopeschregiounen, wéi zum Beispill am Héije Venn, disponibel Läschfligeren, déi net schonn am Asaz sinn, dem Staat zur Verfügung gestallt ginn?
    - Falls nee, wéi begrënnt d'Regierung hir Entscheedung?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu